N°1682
Entrée le 18.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.12.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Am Naturschutzgebitt Haff Réimech zu Remerschen gouf decidéiert, fir Falen opzestellen, fir d'Wëllschwäin anzefänken an se dann z'erschéissen. Een RTL-Artikel vum 29te Mee 2024 schreift dozou

"*Haff Réimech dann – en Naturschutzgebitt, fir dat d'Jeeër net méi zoustänneg sinn, mee d'Naturverwaltung. Hei géif eng aner Form vu Juegd geplangt, nämlech d'Falejuegd, déi zënter Joren hei verbuede wier.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Zënter wéini sinn d'Falen hei opgestallt a gi genotzt?
2. Wéi vill Déieren goufen an de Falen gefaangen an duerno dout gemaach?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten